

Nogehaakt ... bei der Stater Buergermeeschtesch Lydie Polfer

Den Inhalt vun enger Question urgente (15. Juni 2016) am Stater Gemengerot, bezitt sech op Informatiounen iwwer de PAG an op de Fait, dass dës nach net wierklech accessibel kommunizéiert goufen. D'Propose, eng Brochür zum Thema a „Leichter Sprache“ (op FR an DE) unzufäerdeg, gouf net ugeholl. Bleift et bei dëser Decisioun? Falls jo: Wéi erkläert dir dës Decisioun um Niveau vun der Verflüchtung sech un d'Convention relative aux droits des personnes handicapées ze halen, déi vun der Chamber ratifizéiert gouf?

(...) Der Stad Lëtzebuerg leien d'Doleancen a Besoin'en vu Mënschen mat spezifesch Bedürfnisser immens um Härzen, wat och de Grond ass, firwat am Joer 2008 e Referent an Uspriechpartner fir de Persounen-Beräich kreéiert gouf an 2012 de Service intégration et besoins spécifiques an d'Liewe geruff gouf. Dëse Service IBS schafft momentan aktiv, an an Zesummenaarbecht mat alle Servicer vun der Stad, a mam CEFIS zesummen, un engem Aktiounsplang fir koherent Mesuren an deene Beräicher iwwert déi nächst Joren ëmzesetzen, déi et erméiglechen ebe grad d'Integratioun a Gläichstellung ze fërderen.

D'Stad Lëtzebuerg ass ënnert anerem déi eenzeg Gemeng, déi all Gemengconseil an der Gebärdesprooch ubitt, an dës och iwwert Livestream iwwerdréit fir eben alle Beträffenen den Zougang zu dësem wichtege Rendez-vous ze erméiglechen. Och gi bei alle gréisseren Informationsversammlungen net nëmmen Iwwersetzungen an aner Sproochen ugebueden, mee och Gebärdesprooch a Schreftdolmetscher, déi d'Leit kënne beim Service IBS ufroen.

(...) Mir sinn och mat dem KLARO, der Associatioun déi notament zu Lëtzebuerg d'Referenz ass fir Liicht Sprooch, an enkem Kontakt an hunn och intern Basisformatiounen gemaach (Service Communication et relations publiques, guides des Musées de la Ville de Luxembourg). Fakt ass awer deen, datt Liicht Sprooch zu Lëtzebuerg nach an de Kannerschong stécht, an datt et och schwierig ass fir eng kleng Associatioun de komplexen Demandé vun enger Gemeng wéi der Stad Lëtzebuerg nozekommen. An éischter Instanz ass et heibäi wichtege sech mat den Associatiounen, déi mat de concernéierte Leit schaffen, an enger Berodungsstell wéi dem KLARO, zesummenzesetzen an ze definéieren wat

d'prioritär Besoin'en vun de Beträffene sinn, a wat Sënn mécht a liichter Sprooch unzebidden a wat éischter net. An dësen Domainen ass et eis ëmmer ganz wichteg fir mat de Beträffenen ze schaffen, well déi am Beschte wësse wat hir Besoinen sinn. Sou hu mir säit 2012 en Comité participatif des besoins spécifiques wou betraffe Persounen bedeelegt si fir Prioritéiten virzeschloen an Aktiounen ëmzesetzen a säit 2007 organiséieren mir all Joer en Treffe mat allen Veräiner a Beträffene fir zesummen eng Bilanz ze zéien a Prioritéiten fir dat nächst Joer ze beschwätzen. 2016 hu mir 5 Themenowenter gemat fir a Richtung vun engem Aktiounsplang ze schaffen wou mir mëttel- a laangfristeg Ziler kenne festhalen a progressiv ëmsetzen.

Wat de PAG konkret ugeet, sou ass ervirgehiewen datt d'Gesetzgebung virgesäit datt legal Texter zu Lëtzebuerg op Franséisch verfaasst ginn, wat hei och op de PAG als offiziell Prozedur zoutréfft. Et handelt sech heibäi ausserdeem em en extrem voluminéis Dokument an d'Stad Lëtzebuerg wëll op kee Fall de Risiko agoe fir Informatiounen ze diffuséieren (a liichter Sprooch oder enger anerer Sprooch), déi kéinten zu Interpretatiounsfeeler oder Malentendues leeden, eben duerch de Fait datt se emformuléiert, resp. iwwersat gi sinn.

An deem Kontext waren allerdéngs 6 Informationsversammlungen organiséiert ginn, wou all Awunner ageluuede goufen (invitation toutes-boîtes an Informatioun an de Medien an Informatiounskanale vun der Gemeng), fir ze assistéieren fir eben de PAG presentéiert ze kréien souwéi déi néideg Explikatiounen ze kréien. Bei dëser Reunioun ware jeeeweils tëscht 250 a 500 Leit präsent, a et gouf wéi ëmmer eng Iwwersetzung an aner Sproochen souwéi, op Demande, a Gebärdesprooch ugebueden. De Schäf-

ferot souwéi d'Servicer vun der Gemeng stoungen no all Versammlung de Leit zur Verfügung fir nach weider Explikatiounen ze ginn, resp. Froen ze beäntweren.

Duerno waren, wéi et d'Legislatioun virgesäit (30 Deeg ab dem 20. Juni 2016) d'Representante vum Urbanismus vun der Stad Lëtzebuerg am Bierger-Center all Dag (jours ouvrables) vun 8 Auer bis 17 Auer am Bierger-Center präsent fir de Leit op hir konkret Froen ze äntweren, resp. hir Reklamatiounen entgéintzehuelen, dës natierlech andeems sech un d'Besoinen vun de jeeeweilege Persounen adaptéiert gouf. Och net ze vergiessen, datt de Service IBS ëmmer zur Verfügung steet fir Demandé vu Leit mat spezifesch Bedürfnisser entgéintzekommen, respektiv a spezielle Situatiounen behëlleflech ze sinn. ♦

Dës Fro gouf per Mail beäntwert.

Zesummeffaassung a Liichter Sprooch

PAG heescht Plan d'aménagement général.

Dat ass e Plang.

An deem steet dran, wat an Zukunft mat villen Terrainen zu Lëtzebuerg geschitt.

De laangen Text ass op Franséisch an zimlech komplizéiert.

Dofir versti vill Leit net, wat dra steet.

D'Stad Lëtzebuerg léisst den Text awer net a Liicht Sprooch iwwersetzen.

D'Stater Buergermeeschtesch erkläert firwat dat sou ass.